piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Laut rezenten Informatiounen huet d'Caisse Nationale de Santé (CNS) am Joer 2024 en Defizit vu 25 Milliounen Euro gemaach. Et gëtt virausgesot, datt dësen Defizit an den nächste Jore weider wäert wuessen an dass d'Reserve vun der Krankekeess séier kéinten opgebraucht ginn.

An dësem Kontext sollen divers Aspuerungen ëmgesat ginn, dorënner bei de Käschte fir d'Labosanalysen, wou ënnert anerem bal 11 Prozent agespuert gi sollen. D'Membere vun der Fédération Luxembourgeoise des Laboratoires d'Analyses Médicales (FLLAM) hunn entspriechend Efforte gemaach fir dat Zil ze areechen.

Eis gouf zougedroe, datt d'Ministesch an engem rezente Bréif elo Aspuerunge vu 17 Prozent soll gefuerdert hunn, eng Fuerderung, déi bis dohin ni a dëser Héicht gestallt gi war.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass et richteg, datt d'Ministesch an engem rezente Bréif Aspuerunge vu 17 Prozent bei de Laboratoiresanalysen gefuerdert huet? Wann jo, op wéi enger Basis gëtt dës nei Fuerderung gerechtfäerdegt?

2. Wéi evaluéiert d'Ministesch déi Efforte, déi d'FLLAM-Membere bis dohin ënnerholl hunn, fir ronn 10 Prozent vun de Käschten ze spueren? Gëtt dës Leeschtung als onzoureechend ugesinn?

3. Wéi garantéiert d'Ministesch, datt dëse Spuerpolitik net op Käschte vun der Qualitéit vun de medezinesche Laboratoiresservicer geet a mat de beruffleche Standarden am Aklang bleift?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Wéi eng Spuerpolitik ginn aktuell bei den anere konventionéierte Prestatairen aus dem Gesondheetssecteur vun der Gesondheetskeess gefuerdert a wéi vill Prozent Reduktioun mussen déi jeeweils erreechen?
5. Plangt d'Regierung weider Consultatioune mat de concernéierte Beruffsorganisatiounen, bevir definitiv Decisiounen iwwer dës Aspuerunge geholl ginn, vue dass Regierungsdecisioune Verhandlunge kënne virentscheeden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten